

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 28. Januar 2022

Här President,
esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Fuerschungsminister weiderzeleeden.

An engem Artikel vum Luxemburger Wort vu virun zéng Méint ("Abwärtstrend bei Patenten"; LW vum 17.3.21, S. 11) stoung, datt d'Zuel vun de Patentumellungen aus Lëtzebuerg am Joer 2020 ëm 5,3 % zrëckgaange war. 2020 hu Lëtzebuerger Firmen a Fuerschungsariichtungen nëmmen 394 Patenter ugemellt, deen niddregste Stand säit 2011. Am Joer 2016 waren et der nach 556.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un den Här Minister:

- 1) Kann den Här Minister preziséieren, ob et schonns Zuele fir 2021 ginn? Wa jo: Kann den Här Minister erklären, firwat dës Zuele par rapport zu 2020 an de Jore virdrun erof- bzw. eropgaange sinn?
- 2) Wéi gesäit den Här Minister, onofhängeg vun dësen Zuelen, den Trend fir déi nächst Joren, wat d'Zuel vu Patentumellungen aus Lëtzebuerg ugeet?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup, Deputéierten